

## Landjugenddag 2016

### *Häerzlech Wëllkomm op der 42. Editioun vum Landjugenddag*

**A**m Numm vun der Landjugend Zenter lueden ech lech alleguerte ganz häerzlech an op den 42. Landjugenddag.

No der Organisatioun duerch eise regionale Landjugendgrupp vum 4. Landjugenddag zu Groussbus (1978), 12. Landjugenddag zu Useldeng (1986), 20. Landjugenddag zu Brouch/Mariendall (1994), 28. Landjugenddag am Préizerdaul (2002) a 35. Landjugenddag zu Ell (2009), treffe mir äis hoffentlech dëst Joer, de 5. Mee zu Biekerech am „Wëlle Westen“. Et ass deemno fir déi sechste Kéier, datt den „Zenter“ alles dru setzt, fir datt och déi 42. Editioun vum Landjugenddag e Succès ka ginn.

A menger Funktioun als President sinn ech deemno besonnesch houfreg op déi aktuell Equipe vun der Landjugend Zenter, déi mat grousser Begeeschterung a fläissegem Asaz un de Preparatioune vun dësem groussen Evenement bedeelegt ass. Och wann esou eng Manifestatioun fir den Organisatiounscomité ganz vill Aarbecht an Nerve kascht, si seng Memberen all iwwerzeegt, datt si lech dëst Joer op en Neits en ofwiesslungsräiche Programm an e spannende Rallye mat vill Nervenkitzel ubidde kënnen.



Duerch de Millewee a Richtung Hitten, iwwert de Leiterengshaff an duerch déi schéi Bëscher vun der Gemeng Biekerech, fënnt Jonk an Al, Grouss ewéi Kleng, mat Sécherheet d'Geleeënheet fir nei Bekanntschaften ze maachen an dobäi e flotten Dag ze verbréngen. Och un déi Allerkleengst hu mir geduecht, esou datt de ganzen Tour vum Rallye mat der Kannerkutsch befuerbar ass.

Loosst mech vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Verantwortleche vun der Gemeng Biekerech, dem Ministère de l'Éducatioun nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, an all eise Sponsoren e grouse Merci ze soen, fir hir Ënnerstëtzung. Ouni hir Hëllef wier et äis net méiglech, dësen Dag ze organiséieren. E besonnesche Merci geet awer och un all eis Memberen, Ancienen an all Einzelnen, deen äis op verschiddenst Manéier ënnert d'Äerm gegruff huet an och um Dag selwer aktiv ass, fir näischt dem Zoufall ze iwwerloossen.

**Fränz Kass**

President vun der Landjugend Zenter